**Communiqué**

Lëtzebuerg, de 7. August 2024

**Caritas:**

## D’Aktivitéiten an d’Aarbechtsplazen musse garantéiert ginn.

D'Caritas ass Affer vun engem Déifstall, dee schockéiert an enttäuscht. D'Enquête muss de genaue Verlaf an d'Verantwortung vun der Direktioun, dem Verwaltungsrot a virun allem de Banke klären.

Wat de Moment awer entscheedend ass, ass datt de Staat säin Deel vun der Verantwortung iwwerhëlt an all déi sozial Aktivitéite vun der Caritas an déi entspriechend Aarbechtsplaze garantéiert, well d'Caritas e systemeschen Acteur am Lëtzebuerger Sozialsystem ass. Haut geet et drëm deen Acteur ze retten.

De Luc Frieden iert sech zolidd, wann hie widderhëlt, datt et d'Caritas ass, déi e Problem huet an net de Staat. D’Caritas iwwerhëlt zënter Jore souverän Aufgaben am Numm vum Staat an et ass dofir d’Responsabilitéit vun der Regierung all dës Aktivitéiten ze garantéieren.

Dat gëllt och fir de Beräich vun der Entwécklungshëllef, an deem d'Caritas wichteg Projete mat Partnerorganisatiounen ënnerstëtzt, wéi zum Beispill e Spidol am Südsudan, dat ouni d‘Caritas Ënnerstëtzung net méi funktionéiere kéint. D'Regierung muss dofir suergen, datt dës Aktivitéite kënne weidergoen. Soss riskéiert se Kompliz an enger méiglecher humanitärer Kris ze ginn.

D’Caritas gehéiert och zu de rare sozialen Organisatiounen, déi zanter Joerzéngte politesch Positioun bezitt, onofhängeg vun der Regierungskoalitioun, déi um Rudder ass. Besonnesch am Beräich vun der Aarmutsbekämpfung - déi d'Regierung Frieden-Bettel zur politescher  Prioritéit erkläert- ass d'Caritas net spuersam mat Kritik gewiescht an huet stänneg konstruktiv Virschléi gemaach. Den Déifstall bei der Caritas dierft dës Regierung net als Geleeënheet benotzen, fir onangeneem Kritik lass ze ginn.